N°2331
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéiten, vum Zesummeliewen am Accueil op d'parlamentaresch Fro n°2331 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen betreffend d'Zesummesetzung vun de Verwaltungsréit vun den Offices sociaux**

Wéi steht de Minister zu enger Ännerung vum Gesetz, soudass a Proporzgemengen mat engem eegenen Office social, d'Walresultater bei der Zesummesetzung vum Verwaltungsrot respektéiert ginn (nom Péitenger Modell)?

D'geännert Gesetz vum 18. Dezember 2009 *organisant l'aide sociale*, wéi och aner Gesetzer am Allgemengen, schaaft e strukturelle Kader, an deem d'Offices sociaux solle fonctionéieren. Fir d'juristesch Sécherheet ze garantéieren, geet de Gesetzestext net op all eenzel Eventualitéit oder lokal Partikularitéit an, mee definéiert en obligatoresche Grondkader.

Dëst ass och de Fall bei der Zesummesetzung vum Verwaltungsrot. D'Gesetz schreift net vir, dass dës nom politesche Proporz muss organiséiert ginn, mee léisst de Gemengen hei e gewëssene Spillraum, fir déi lokal Realitéiten a Besoine kënnen ze berücksichtegen. Dëst gëtt hinnen z.B. d'Méiglechkeet, och Fachexperten oder onofhängeg Vertrieder anzesetzen.

D'Gemengen hunn deemno haut schonn d'Méiglechkeet d'Resultat vun de Gemengewale an d'Kompositioun vum Verwaltungsrot vum Office social afléissen ze loossen. Eng Ännerung vum Gesetz fir dës Approche obligatoresch ze maachen ass net virgesinn.

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn